



Luxembourg, le 8 octobre 2020

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°2763 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2763 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable



Carole Dieschbourg

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°2763 vum 3. September 2020 vum éirewäerten Deputéierten Här Max Hahn iwwert den Eichenprozessionsspinner

Den Eichenprozessionsspinner verbreet sech ëmmer méi vun engem lokal begrenzten Opkommen zu enger landeswäiter Gefor fir déi öffentlech Gesondheet.

An der Reegel gi bei der Bekämpfung vun dëse Raupe spezialiséiert Firmen agesat, déi dës op verschidde mechanesch Manéieren, wéi Verbrennen an Ofsuckelen, wechmaachen.

An Däitschland an an Holland ginn et allerdéngs villverspriechend Versich, bei deene Brutkäste fir Schiel- a Blomeesen an der onmëttelbarer Géigend vu befallene Beem opgehaange ginn. Vu dass dës Villercher déi natierlech Feinde vum Eichenprozessionsspinner sinn, ginn dës sou op natierlech Manéier eliminéiert.

Well dës Method méi Zäit brauch wéi eng mechanesch Eliminatioun, wier u sech dësen Hierscht de richtege Moment sou Brutkästen opzehänken, wa fir dat nächst Joer Resultater sollen erziilt ginn.

Virum Hannergrond, dass aktuell en nationalen Aktionsplang zum Eichenprozessionsspinner an der Maach ass, wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

1. Sinn der Madamm Ministesch dës Versich bekannt?

Jo, et ass bekannt datt Sangvullen, wéi z.B. d'Schielmees, natierlech Géigner vum Eichenprozessionsspinner sinn. Sangvullen droen dozou bäi den natierlechen Equiliber an engem Bësch ze erhalen. Si bréngen et awer net fäerdeg eng ganz Eichenprozessionsspinner-Populatioun ze eliminéieren. Nistkästercher ophänken ass ëmmer nëmmen als Zousaz zu aner Bekämpfungsmoossnamen ze gesinn.

2. Ginn et eventuell änlech Versich hei zu Lëtzebuerg?

Nee, et gëtt keng Versich bei deenen Sangvullen-Brutkästercher opgehaang ginn fir den Eichenprozessionsspinner anzedämmen. Am Kader vun der normaler Gestiou vum de Bëscher vun der „forêt soumise“ ginn awer op ville Plaze souwisou Brutkästercher opgehaangen.

3. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass déi beschriwwen Approche zu Lëtzebuerg flächendeckend agesat kéint ginn?

Wéi schonns gesot, dës Measure kann ëmmer nëmmen zousätzlech zou anere Mesuren agesat ginn. Et bréngt näischt dës Measure flächendeckend iwwert dat ganz Land ze implementéieren.

4. Ass virgesinn dës Method als Recommandatioun fir d'Gemengen an den Aktionsplang opzehuelen?

Jo, dëst als Zousazmeasure zu anere Mesuren.